N°1883
Entrée le 03.02.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 03.02.2025

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 03/02/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Premierminister & d'Ministesch fir Justiz weiderzeleeden.**

D'rezent Ukënnegung vun der Zesummenaarbecht tëscht dem Äerzbistum Lëtzebuerg an der Fraternité Verbum Spei werft eng Rei Froen op. Aus dem Communiqué vum 31. Januar 2025 geet ervir, datt den Äerzbistum präziséiert, datt keng Virwërf vu sexuellem Mëssbrauch géint Membere vun der Communautéit wärend hirer Presenz zu Lëtzebuerg virleien. Dës spezifesch Formuléierung, limitéiert op d'Period zu Lëtzebuerg, werft d'Fro op, ob et Ermëttlungen aus dem Ausland oder aner Informatioune gëtt.

D'Fraternité Verbum Spei ass säit 2016 zu Lëtzebuerg aktiv a gouf deemools invitéiert fir sech hei nidderzeloossen. Dëst trotz dem Fait, datt schonn deemools an de franséische Medien iwwert problematesch Praktiken a Verbindunge mat der Communautéit Saint-Jean beriicht gouf. Am Kontext vun der Jugendaarbecht an dem Accès zu vulnerabele Persounen duerch d'pastoral Aktivitéiten ass et wichteg ze verstoen, ob et en Informatiounsaustausch tëscht de concernéierten Institutioune gouf.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Sinn der Regierung Ermëttlunge géint Membere vun der Fraternité Verbum Spei - déi zu Lëtzebuerg agéiert hunn - am Ausland bekannt, speziell a Frankräich oder am Mexiko, wou d'Communautéit hire Siège huet?

2. Gouf et tëscht 2016 an 2025 en Austausch tëscht der Police, der Justiz oder anere staatlechen Institutiounen an dem Äerzbistum betreffend d'Aktivitéite vun der Fraternité Verbum Spei zu Lëtzebuerg?

3. War d'Regierung informéiert iwwert d'Decisioun vum Äerzbistum d'Fraternité Verbum Spei zu Lëtzebuerg opzehuelen oder ass si consultéiert ginn?

4. Gëtt et e Kader fir den Informatiounsaustausch tëscht reliéisen Institutiounen an dem Staat, wann et ëm d'Sécherheet vu Jugendlechen an anere vulnerabele Persoune geet?

5. Am Hibléck op aktuell Entdeckungen, ë.a. am Bistum Tréier, datt d'Kierch Persounen aktiv versat hätt fir der Strofverfollgung z'entkommen, wéi ass sécher gestallt, datt grenziwwerschreidend Zesummenaarbecht am Fall vu Mëssbrauchsvirwërf fonctionéiert?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten